N°2954
Entrée le 29.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2954 vum 29. September 2025 vum éierbaren Deputéierten, André Bauler, iwwer déi steierlech Behandlung vum Akommmes fir déi Benevole**

**- Wéi vill Persoune kommen de Moment hei am Land an de Genoss vun dëser steierlecher Moossnam? Ass et méiglech si jee no Beräich a Funktioun opzedeelen (Kultur, Sport, …) ?**

**- Wéi héich ass den „déchet fiscal“, dee fir d'Staatskeess mat dëser Befreiung verbonnen ass ?**

D'Remuneratioun oder de finanziellen Ausgläich, dee Steierflichteger am Kader vun engem Benevolat kréien, ass generell als e Benefice deen aus der Ausübung vun enger fräiberufflecher Aktivitéit entsteet nom Artikel 91 vum Akommessteiergesetz ze besteieren. Well awer an dëser Akommeskategorie och nach verschidden aner Akommes vum selwechte Genre ze deklaréieren a festgesat ginn, ass et der Steierverwaltung net méiglech weder eng Zuel vun de Persounen, déi an de Genoss vun der steierlecher Moossnam kommen, nach de Gesamtbetrag vun dëser Moossnam ze determinéieren. Eng Opdeelung pro Aktivitéitsberäich gëtt net saiséiert a kann also och net matgedeelt ginn.

Aus den uewen ugeféierte Grënn, an och well laut Circulaire vum Steierdirekter eng Deklaratiounsdispens besteet, fir Akommes, déi aus dem Benevolat entstane sinn an ënnert 5.000 Euro leien, ka keen "*déchet fiscal*" ermëttelt ginn.

**- Ass den Här Minister bereet fir, vläicht am Kader vum neie Budgetsgesetz, de Montant vun dëser steierlecher Befreiung ëm wéinstens 1.500 Euro ze héijen, fir sou der Präisdeierecht aus de leschte Jore Rechnung ze droen?**

Am Aklang mam Regierungsprogramm wäert de steierbefreite Montant nach am Laf vun dëser Legislaturperiod vun aktuell 5.000 Euro no uewen ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth